N°4104
Entrée le 18.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles op d'parlamentaresch Fro n°4104 vum honorablen Deputéierte Dan Hardy betreffend d'Erhéijung vun den Ufroen bei den Offices sociaux fir eng finanziell Hëllef wéinst der staarker Hausse vun den Energiepräisser.**

- *Verfüügt d'Regierung iwwer konkret Schätzunge betreffend déi erwaarten Erhéijung vun den Ufroen un d'Sozialbüroen am Zesummenhang mat der Bezuelung vun Energierechnungen?*

Dem Familljeministère leie keng konkret Informatiounen oder Schätzungen iwwer eng méiglech Erhéijung vun den Ufroen un d'Offices sociaux am Zesummenhang mat der Bezuelung vun Energierechnunge vir.

- *Wéi eng spezifesch Moossname plangt d'Regierung, fir ze verhënneren, datt Dausende vu Stéit trotz bestoenden Hëllefsprogrammer a finanziell Schwieregkeete geroden?*

- *Ginn aktuell Hëllefen, wéi d'Allocation de vie chère oder d'Energieprimm, ugepasst, erhéicht oder erweidert? Wa jo, no wéi engem Zäitplang?*

- *Huet d'Regierung wëlles, déi national Energiepolitik, besonnesch d'Präismechanismen, nei z'iwwerdenken, fir Stéit mat niddregem Akommes nohalteg virun internationale Präisschwankungen ze schützen?*

De Resilienzpak 2026, deen den 8.Juni 2026 tëscht der Regierung an de Sozialpartner ënnerschriwwe gouf, verfollegt d'Zil, en neie Präisschock ze vermeiden an d'Kafkraaft vun de Stéit ze stäerken. Duerch temporär Präisreduktiounen op Energieprodukter ginn d'Stéit besser géint international Präisschwankunge geschützt:

- Eng Reduktioun vu 4 Cent d'Kilowattstonn um Stroum vun August bis Dezember 2026, zousätzlech zu der Netzkäschtesubventioun an dem Iwwerhuele vum Kompensatiounsmechanismus fir erneierbar Energien. D'Gesamtsubventioun beim Stroum bedréit also 11,3 Cent d'Kilowattstonn.

- Eng Reduktioun vu 15 Cent de Meterkibb um Gas vun August bis Dezember 2026.

- Eng Reduktioun vu 15 Cent de Liter um Mazout vun August bis Dezember 2026.

- Eng Reduktioun vu 5 Cent de Liter um Bensinn an Diesel vu Juli 2026 bis Dezember 2026.

Zousätzlech gëtt och de Salaire social minimum erhéicht, fir déi niddregst Akommesklassen ze stäerken.

Och d'Moossnamen aus dem Klimasozialplang (z. B. Reform vum Klimaprêt oder e soziale Leasing fir Elektroautoen), an déi allgemeng Efforten, déi d'Energietransitioun virundreiwen an domat d'Vulnerabilitéit géintiwwer héije Sprit-, Masutt- a Gaspräisser reduzéieren, verfollegen d'Zil, Stéit mat niddregem Akommes ze entlaaschten.

Well déi aktuell Präismechanismen keng sozial Selektivitéit zouloossen, spillt de Staat eng aktiv Roll, fir iwwer geziilt Mesuren, ewéi d'Allocation de vie chère (AVC) an d'Energieprimm, fir d'Energieaarmut ze verhënneren a vulnerabel Stéit z'ënnerstëtzen. Dës Leeschtunge goufen an de leschte Jore reegelméisseg däitlech no uewen ugepasst fir der Entwécklung vun den Energiepräisser Rechnung ze droen. Fir den Non-recours zu dëse wichtegen Aiden ze reduzéieren, gouf donieft en Automatismus beim Ausbezuele vun der d'AVC agefouert, soudass d'lescht Joer 13.071 Stéit automatesch vun der AVC profitéiert hunn. Insgesamt kruten 2025 29.709 Stéit d'Allocation de vie chère an 35.372 Stéit d'Energieprimm.

Fir vulnerabel Stéit nach zousätzlech z'ënnerstëtzen, gesäit den Aktiounsplang fir d'Preventioun an d'Bekämpfung vun Aarmut d'Aféiere vum „Complément vie chère“ (CVC) vir. Nieft dem Aféiere vun enger neier cibléierter Hëllef fir Menage mat Kanner, ass de CVC och e gudden Ulass fir d'Demarchë weiderhin ze vereinfachen. An de CVC wäerten nämlech och nach aner bestoend Hëllefe matafléissen. Esou ginn d'Allocation de vie chère an d'Energieprimm an den neie CVC fusionéiert. Un dës Aide gëtt eng nei Aide fir Kanner ugedockt, an déi hirersäits d'„Subvention pour ménages à faible revenu“ vum CEPAS integréiert gëtt. Dobäi kënnt déi nei Aide fir eeler Leit, d'AFPA, déi och un d'CVC ugedockt gëtt.

De CVC wäert donieft als Referenz gëlle fir den Accès op aner Aiden, wéi de Kulturpass, de „Bon à la connectvité“, gratis Iessen am Lycée an d'Klimabonus Aidë fir douce Mobilitéit, wat d'Krittäre betrëfft. D'Beneficiairë vun der CVC qualifizéieren sech deemno automatesch fir aner Hëllefen. De CVC wäert och automatesch u Beneficiaire vum REVIS ausbezuelt ginn.

Dobäi gëtt och hei d'Prozedur sou geännert, dass de Beneficiaire net méi all Joers eng nei Demande muss maache fir d'AVC an d'Energieprimm, mee d'Aide an Zukunft vum selwe weiderleeft, soulaang een d'Conditiounen erfëllt.

Den entspriechenden Gesetzestext gouf den 13. Mäerz an der Chamber deposéiert (projet de loi n°8716).

- *Kann d'Regierung garantéieren, datt d'Sozialbüroen iwwert dat néidegt Personal an déi néideg finanziell Ressourcë verfügen, fir mat enger potenziell staarker Erhéijung vun den Ufroen eens ze ginn?*

De Finanzement vun den Offices sociaux baséiert op enger Kofinanzéierung duerch de Staat an d'Gemenge (50/50). De Personalschlëssel an den Offices sociaux gouf op den 1. Januar 2023 ëm 50% eropgesat. Donieft kënnen Offices sociaux déi en „*Projet d'inclusion sociale par le logement*“ (PISL) en place gesat hunn, säit 2025 zousätzlech Poste vum Familljeministère accordéiert kréien.

Wéi am Regierungsprogramm virgesinn, gëtt d'Gesetz iwwert d'Aide sociale aktuell iwwerschafft, fir d'Offices sociaux nach besser opzestellen fir d'Ufuerderungen, mat deene si dagdeeglech konfrontéiert sinn, ze meeschteren. An deem Kontext ass virgesinn, d'Aféierung vun engem Indice socio-économique ze préifen, deen och en Impakt op d'Berechnung vum Personalschlëssel hätt.

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit,
Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn